PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Op EU-Niveau ass de Glyphosat nach bis de 15ten Dezember 2022 erlaabt. Aktuell leeft awer eng Demande vun enger Grupp vun EU-Staaten, fir den Datum nach weider no hannen ze verréckelen. An der Äntwert op d'Fro n° E-000845/2020 vum EU-Deputéierten Harald Vilimsky un d'EU-Kommissioun steet

> "Im Juni 2020 muss ein vollständiges Dossier eingereicht werden, woraufhin eine wissenschaftliche Risikobewertung und ein Peer Review durch die Mitgliedstaaten und die Europäische Behörde für Lebensmittelsicherheit vorgenommen werden."

D'Regierung hat am Koalitiounsaccord ugekënnegt ab dem 31ten Dezember 2020 kee Glyphosat méi zu Lëtzebuerg zouzeloossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wäert et fir Regierung bei dem ugekënnegten Datum fir de Glyphosatsverbuet zu Lëtzebuerg bleiwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député